ADMINISTRATION COMMUNALE
HELPERKNAPP

Helperknapp, 13/03/2023

Rapport vun der Jugend Kommissioun

Presenzen

Present	Net present
Marie Sadler	Jyll Duschinger (excuséiert)
Patrick Lucas	Miguel Moreira Cardoso (excuséiert)
Patrick Cincis	
Tessy Arend	
Nathalie Simon	
Lynn Mangen (Redaktioun vum Rapport)	

Rapport vun der Jugendkommissioun 28.02.2023

1. Open Air Kino

- Mir géingen och dëst Joer gaer een Open Air Kino mat der Firma “Sunset cinema” organiséieren. Wann mir vun der Gemeng den Accord kréien (d’Marie freet deen), géife ma et och erëm gären ze Brouch am Schoulhaff vum neie Schoulcampus maachen.
- Datumer: 14,15 an 16 Juli 2023. (dëst musst nach am Manifestatiounskalenner geännert ginn). Soubal den Accord do ass schreift d’Lynn dem Tanja.
- D’Entrée wier gratis
- Mir organiséiere keng extra Navetten
- Freides géife ma erëm een Disney Film weisen a Samschdes a Sonndes éischter eng Komedie, en Actionfilm oder een Drama. Mir froen d’Lëscht a wielen doropshinn verschidde Filmer.

Helperknapp, 13/03/2023

- Dëst Joer géingen mir och gär Gegrills proposéieren (den neien Billardsklub vu Brouch mëscht dat). Den Start vum Owend wier um 19:00. De Start vun de Filmer wier um 21:15.
- D'Gedrénks géife mir dëst Joer ërem verkaafen an de Gewënn géif dann un d'Gemeng goen. Mir géifen och rëm mat Bonge fueren. Oppassen dass ma genuch Mënz hunn.
- Et mussen Dixien ugefrot ginn an des Kéier muss ma kucke kleng Luuchten opzehänken
- Mir mussen och mat der Gemeng klären, ob een déi grouss Luuchten wärend dem Film ausschalte kann an ob een de Wee bis hannert d'Schoul besser beliichte kann.
- Wann d'Wieder schlecht sollt sinn, kéint en d'Evenement an d'Koll verleen
- Soubal ma een Accord hunn, musse ma och froen ob mir de Flyer vum leschte Joer huele kennen oder op d'Gemeng dëst Joer ee mëscht

2. Télévie

- D'Tessy freet de Jean Sadler op nach Hëllef fir den Télévie gebraucht gëtt.

3. Divers

- Op verschiddenen effentlechen Evenementer goufen mir gewuer dass de Projet vun engem Jugendhaus an der Gemeng konkret geplangt ass. Mir géingen gaer den Schäffen-a Gemengerot froen op et méiglech wier méi Informatiounen zu dësem Projet ze kréien, fir dass mir eventuell och kënnen eisen Avis dozou oofginn.